# DE BUET



## VUN DER DUELEMER MUSEK

ÄR INVITATIOUN FIR OP DE

**KRËSCHT-GALA**

E SAMSCHDEG, DEN

**11. DEZEMBER 2010**

*Ouvert tous les jours*

*Restaurant*
*Pizzeria-Hôtel*
**Bella Napoli**
*4, rue de Strasbourg*
*LUXEMBOURG-Gare*

*Téléphones: 49 33 67 (grande salle)*
*Fax: 49 33 54*

JOS HEISBOURG

ENTREPRISE DE PEINTURE
PEINTURES DECORATIVES

tradition artisanale depuis 150 ans

14, uespelterwee l-5740 filsdorf
tél 23 66 82 89 fax 23 67 60 94

A Schmatten
Restaurant

propr. Thein Frank

jeu de quilles
fermé lundi et mardi,
sauf jours fériés

1, Saangewee | L-5698 Welfrange
Tél.: 23 66 82 61 | Fax: 23 66 15 34
www.aschmatten.lu

A VOTRE SERVICE




Banque et Caisse d'Epargne de l'Etat, Luxembourg,
établissement public autonome,
1, Place de Metz, L-2954 Luxembourg,
R.C.S. Luxembourg B 30775
**www.bcee.lu tél. : (+352) 4015-1**

**AGENCE**

**Mondorf**
62, Avenue F. Clement
L-5612 Mondorf-les-Bains
Tél.: 4015-7820
Fax: 23 66 15 21

SPUERKEESS
Äert Liewen. Är Bank.

Nouvelle Adresse

Floristikatelier
*Jeanette Lobner*

11, Kiirchestrooss
L-5741 Filsdorf

Tel.: 23 66 73 63
e-mail: lobner@pt.lu

# VIROPS E WUERT...

D'Fanfare Gemeng Duelem zesummen mat der Trëntenger Musek invitéieren op e gemeinsame Concert, an zwar de Krëscht-Gala 2010. An ech betounen zesummen.
Mir hun eis dësem Projet als gläichwäerteg Partner gestallt, während bal 3 Méint zesummen um Projet geschafft an präsentéieren d'Resultat dann elo zesummen während 3 Concerten.
Zesummen, wëlle mir dann elo och mat Iech zesummen, e musikalëschen Nomëtteg resp. Owend passend zur Adventszäit verbrengen.

**„Chrëschtdag a Stad a Land"** ënnertittelen mir eisen dësjähregen Krëscht-Gala.
Mat dësem Tittel welle mir e Musikant aus eise Reihen éieren, an zwar de Gaston Kohn, bekannt a Stad a Land.
De Gast huet sech virun Joëren zu Duelem nidder-gelooss an nom aktiiven Déngscht bei der Police huet en de Wee dunn och an d'Duelemer Musek fond. Säit dräi Joër as de Gast elo Musikant an eise Reihen an mir hun hien als jovialen, lëschtegen an sympatheschen Frënd gewonn.
De Gaston Kohn as nët nëmmen säit bal 49 Joër aktiive Musikant, mais an senger Begeeschterung fir Musek huet de Gaston Kohn sech ëmmer nees leeden gelooss fir eegen Kompositiounen ze schreiwen, instrumental Wierker wéi och grouss Aarbechten fir Chouer an gemëscht, fir Musek an Gesank. Säin Wierk „Chrëschtdag a Stad a Land" spille mir dëst Joër bei Geleeënheet vun eisem Krëscht-Gala. Eng schéin gedroen Melodie, déi wonnerbar an dës besënnlech Joëreszäit astëmmt. Mir sin houffreg dëst Wierk vum Gaston Kohn dem grousse Public därfen virzestellen.

Déi éischt Nout um Concert as nach nët gespillt, dann hun sech d'Käschten schons op ca. 1200 Euro summéiert – alleng nëmmen fir d'Uschafung vun de Partituren. Mir froen keen Entrée fir eis Concerten, sou dat bei dësen Manifestatiounen mat null Euro Revenü ze rechnen as. Duerfir sin mir ëmmer nees frouh, wann Frënn vun der Duelemer Musek sech ugin, eis eng Partitur ze spendéieren. Och fir dëse Concert kënne mir nees zwee generéis Donateuren Merci soen. An der Mëtt vum Buet, beim Programm vum Concert, stin d'Nimm vun dëse noble Leit geschriwwen. AVIS AUX AMATEURS!!

Den Haaptdeel vun de Käschten vun eise Partituren gin awer gedroen duerch d'Annonceuren an eisem Buet. Säit Joëren sin eis déi méischt hei genannten Entreprisen trei an sie gin eis all Joërs nees den Accord hiren Numm am Buet ze publizéieren. D'Memberen vun der Fanfare Gemeng Duelem soen hinnen villmols Merci fir hir Generositéit an dëst och am Numm vun eisem Public. Esou kënne mir eis Concerten nach ëmmer gratis offeréieren, wouvun natiirlech dann eise Public kann profitéieren.

An déi Suen, déi eis Frënn deen Abléck spueren, wou se eis lauschteren kommen, kënnen sie dann fir e gudden Zweck spenden. Och dëst Joër spille mir eise Concert fir eng karitativ Organisatioun, an zwar fir SOS Kannerduerf Miersch. Eng Konventioun mam Familljenministär sechert de gréissten Deel vun de Käschte vun dëser Associatioun, mais iwwer 20 % mussen nach ëmmer duerch Donen gedeckt gin. An duerfir eisen Opruf un Iech alleguer, déi Dir op eis Concerten kommt, ënnerstetzt kräfteg dës wonnerbar Iddi vun Solidaritéit.

Mir, zesummen mat der Trëntenger Musek, proposéieren Iech de Choix tëschent 3 verschidden Deeg fir eise Krëscht-Gala lauschteren ze kommen – den 11. Dezember an der Kiirch zu Duelem, den 12. Dezember an der Sportshal zu Weiler an Zesummenaarbecht mat eise Frënn vun de Pompjeeën Haassel/Weiler an dann och nach den 19. Dezember an der Kiirch zu Trënteng – reservéiert Iech een vun dësen Deeg.

D'Memberen vun der Fanfare Gemeng Duelem wënschen Iech alleguer e schéinen Krëschtdag am Krees vun Aerer Famill, e gudde Rutsch an d'Neit Joër an nëmmen déi beschte Wönsch fir d'Joër 2011.

*Robert Vandivinit*
*Präsident vun der Fanfare Gemeng Duelem*

SARL
HERZOG

Jeannot & Roland
Promoteur

**PLAFONNAGE**

**FAÇADES**

**CHAPES**

8, Saangewee
L-5698 Welfrange

TEl.:23 66 85 86
Fax: 23 67 69 19

COIFFURE
VANDIVINIT

28, rue de la Gare
L-5540 REMICH

DAMES / HOMMES
Tél. 26 66 04 72

Ma-Je 08.00-18.00
Ve 08.00-20.00 sur rendez-vous
Sa 07.30-16.00 sur rendez-vous

restaurant
an der tourelle

Gaby & Jean-Marie Hemmen

12, route du Vin
L-5450 Stadtbredimus

tél. +352 23 69 85 11
email: info@tourelle.lu
web: www.tourelle.lu

Naturwelten Bio&Fair
Nature living by Pimpampel

NEI ADDRESS
NEIEN NUMM
NEIEN LOOK



Naturmatratzen & Bettdecken
Bettwäsche aus Biobaumwolle
Nur 100% natürliche Rohstoffe
Kamelflaumhaar ; Biobaumwolle
Merinowolle ; Kapokfaser
Wildseide ; Yakhaar

Vertretung Prolana für Luxemburg
FreiHaus Lieferung

7, rue Auguste Charles
L-1326 Bonnevoie
www.naturwelten.lu
Tel. :291222

# D'WELT VUN DER MUSEK

An engem Musekensemble (sief daat eng Fanfare, Philharmonie, Big Band...) geet et drëms zesummen Musek ze maachen. Sëcher hutt Dir Iech schon öfters gefroot waat déi Persoun virum Orchester fir eng Roll spillt. Dofir stelle mir Iech an dëser Editioun vum Buet den **Dirigent** vir.

Bis an d'18. Jorhonnert sin d'Ensemblen meeschtens vun engem aktiven Musiker geleet gin, deen och oft den Komponist vum gespillten Stéck war. Well d'Orchesteren awer ëmmer méi grouss gin sinn, gouf d'Leedung vum Instrument aus mat der Zäit onméiglech.

Den Dirigent, wéi mir en haut kennen, gët et eréicht säit Ufank 19. Jorhonnert. Als éischten Dirigent gëllt den Felix Mendelssohn Bartholdy säit sénger Leedung vum "Gewandhausorchester Leipzig".

Waat ass d'Roll vum Dirigent?

Den Dirigent prouwt mam Orchester d'Stécker an an huet do besonnesch zwou Funktiounen:

- **d'teschnesch Koordinatioun** vun den Musikanten. Duerch d'Schloen vum Takt gët hien den Tempo un, deen fir den ganzen Ensemble gülteg ass.

- **d'Interpretatioun**. Nom Konzept vum Dirigent soll d'Stéck ageprouft an opgefouert gin.

Den Dirigent vereent an enger Persoun d'Muecht an d'Komepetenz vun der musikalescher Gestaltungsfräiheet. Hien mëcht den Lien tëschent dem Orchester an dem Nolauschterer. Dem Dirigent gët säin musikalescht Gefill fir eng Kompositioun un den Orchester weider. Hien leet d'Musikanten, weist hinnen, wou soll méi hart, méi melodesch, méi rythmesch... soll gespillt gin. Ënnert sénger Leedung an duerch d'kënnen vun de Musikanten, entsteet deen Genoss fir d'Ouer, deen dir op engem Concert ze héieren kritt.

Den Dirigentenposten ass éischter eng Männerdomän. Am Joer 1938 huet d'Nadia Boulanger den Boston Symphony Orchestra dirigéiert an huet domatt eng männlech Traditioun gebrach.

Bis haut ass hun sech eréicht ganz wéineg Fraen als Dirigent duerchgesaat. Dofir sinn mir an der Duelemer Musek natirlech ganz stolz d'Ramona Wildner-Schuh bei eis um Dirigentenposten ze hun.

*Sabine Barboni*






Raiffeisen
Eng Bank, méi no bei lech

*Thélenhaff .....* die besondere Adresse für Betriebsfeiern, Konferenzen, Meetings ..... bei kompletter Organisation ..... in privatem und natürlichem Ambiente

*La Fermette - Thélenhaff*
*Welfrange (Mondorf)*
Tél. 23 66 82 67 - Fax: 23 67 60 50

vous propose l'organisation complète de vos festivités d'entreprise ou privées «à la carte» dans un cadre privé et exclusif.
Salles pour groupes de 16 à 50 personnes.

**Conférences - Banquets - Fêtes du personnel**
**Anniversaires - Fêtes de Noces - Soirées**




Electricité générale
Cuisines tous styles
Electro-Ménager
Equipements Pro

n. folschette s.à r.l.

SIEMENS Amana BOSCH Miele

16, route de Luxembourg L-1899 KOCKELSCHEUER
Tél 36 98 04-1 - Fax 36 01 06

cafe
DUELEMER STUFF

Propr. Denise Kayser & Christiane Hoss

1, Waldbriedemeserstrooss
L-5680 Dalheim
Tél. 26 67 27 14

fermé le lundi • jeu de quilles • petite restauration

www.h-r.lu



Ären Volkswagen Partner:
**Garage Horsmans & Rosati**
5, quai de la Moselle L-5405 Bech-Kleinmacher / Luxembourg
Tél.: 23 60 77-1 • Fax: 23 60 77-50 • garage@h-r.lu

Utilitaires Service Audi Service

# MIR STELLE VIR...



De Musikant, dee mer Iech an dësem Buet virstellen, as de **Gaston Kohn**.

De Gast spillt säit dem Januar 2008 an de Reien vun der Duelemer Musek. Mat sengem lëschtegen a musikaleschen Engagement begleet hien d'Fanfare um Bariton.

Bariton war awer net säin éischte Choix vun Instrument, mä d'Trompette.

Als klenge Jong, am Alter vu 10 Joër, huet hien seng musikalesch Carrière an der Bouneweger Musek ugefaang. Hien konnt sech säin Instrument nët aussichen, mä der Trompette ass hien 38 Joër trei bliwwen.



*Gast Kohn*

Am Laf vun de Joren huet hien verschidden Museken mat Leidenschaft ënnerstëtzt. Hien huet ënnert aanerem zu Hesper an zu Réimech gespillt an huet duerch säin Beruff als Commissaire en chef och de Wee an den Ensemble musical de la Police Grand-Ducale fonnt.

Ausserdeem huet de Gast nach am Alter vun 50 Joër den Ofschloss an der Orchestration/ Instrumentation am Conservatoire vun der Stad Lëtzebuerg gemach, daat weisst schon seng Motivatioun un der Musek. D'Kompositioun as ee vun sengen Hobbyen, durch deen d'Duelemer Musek schon munnechmol an de Genoss komm as, wéi zum Beispill mat senger favoriséierter Kompositioun „Police 2000 en Parade".

Zu sengen Hobbyen gehéieren och nach d'Fligerei, Moto a Boot fueren a Timbere sammelen.

De jonke Museker gët de Gast op de Wee duerchzehalen, och a schwierege Momenter, well enges Daags wäert sech schon alles lounen. D'Musek ass fir hien nämlech „eng Sprooch", eppes Schéines, waat hien nach ëmmer motivéiert.

**Chauffage**

# Entringer s.àr.l.

9, route de Remich
L-5698 Welfrange
Tél. 23 66 12 55
GSM 621 167 605

All Dag Frësch Fleesch an Wurschtprodukter

CLEMENT
Boucherie · Charcuterie · Party-Service
Äre Metzler vun der Musel

- Boucherie
- Charcuterie
- Party-Servive

REMICH
4, Place du Marché
Tel. 23 66 90 56

MONDORF
2, rue St-Michel
Tel. 23 66 80 35

SCHUTTRANGE
2, rue du Verger
Tel. 26 70 14 57

Mir liwweren och heem!

Krëscht-Gala

## Chrëschtdag a Stad a Land

**zesummen vun der Fanfare Gemeng Duelem an Trëntenger Musek**

e Samschdeg, **den 11. Dezember 2010** um 20.00 Auer an der Kiirch zu Duelem
e Sonndeg, **den 12. Dezember 2010** um 16.00 Auer an der Sportshal zu Weiler
e Sonndeg, **den 19. Dezember 2010** um 17.00 Auer an der Kiirch zu Trënteng

Musikalësch Leedung : **Frank WILDNER** an Zesummenaarbecht mam **Ramona WILDNER-SCHUH**
Präsentatioun : **Christian GREISCH**

Fräien Entrée ☆ Quête zu Gonschten vun SOS Kannerduerf Miersch

**lettrages**
**& peintures publicitaires**

langehegermann

*sur camions, bus, semi-remorques, camionnettes, voitures, panneaux, vitres, façades, calicots . . .*

*peinture film adhésif impression digitale sérigraphie*

**ZARE EST 11 EHLERANGE Tél. 55 18 91**

WACHT
BIJOUTERIE

9, RUE DE MACHER · REMICH · TEL 26 66 06 04

Aer Adress fir all Busrees

VOYAGES VANDIVINIT

**12-14, Z.A. Triangle Vert**
**L-5691 Ellange/Mondorf**
Tél. 23668341-1




**www.vandivinit.lu**

# Programm

- ☆ **WESTMINSTER CAROL**
  arr. James L. Hosay

- ☆ **A GOSPEL CHRISTMAS**
  Stephen Bulla

- ☆ **Preludio Popolare über « OH DU FRÖHLICHE »**
  Albert Loritz
  Don vun VOYAGES VANDIVINIT / Ellange/Mondorf

- ☆ **A CHRISTMAS FESTIVAL**
  Lerry Anderson / arr. Russell Robinson

- ☆ **VOM HIMMEL HOCH**
  J.S. Bach / arr. Albert Loritz

- ☆ **BETHLEHEM (Eng Erzielung an dräi Deeler)**
  Kurt Gäble
  Don vu der Madame Ana-Maria PINTO TRINDADE / Duelem

- ☆ **Paraphrase über « JUDAS MACCABAEUS »**
  Georg Friedrich Händel / arr. Albert Loritz

- ☆ **CHRËSCHTDAG A STAD A LAND**
  Gaston Kohn

- ☆ **DONA NOBIS PACEM**
  Thomas Doss

- ☆ **HARLEM NOCTURNE**
  Earle Hagen / arr. Paul Murtha

- ☆ **TWO FOR CHRISTMAS**
  Roland Kernen



**Café-Restaurant KOHN**

*Spécialités luxembourgeoises et françaises*

*Organisation de Banquets jusqu'à 100 personnes*

*Menus et Manger uniquement sur réservation - sauf plats campagnards*

***Fermé lundi ou jeudi sauf pour banquets***

12, rue Victor Hugo
L-5671 **ALTWIES**

Tél. 23 66 81 03
Fax 23 66 11 49

**Jardinage Bonert**
décorations - aménagement de jardins

**Gsm: +352 691 23 23 30**
Gsm: +352 621 23 23 30
Tél.:/Fax: +352 26 68 39 75

**Brasserie MOUSEL'S Cantine**

46, Montée de ClausenL-1343 LUXEMBOURG
Tél. 47 01 98 - Fax 22 47 66 / 23 67 62 97
Mousel's Cantine s.à r.l.
Spécialités locales et régionales
Fermé le samedi midi et le dimanche



**MUSIC AND TOOLS**

**Vente-Location-Réparation**
**Instruments de musique**

2 Rue Michel Welter L-2730 Luxembourg
Tél. / Fax 00352 26523887
GSM 00352 691989897
E-mail palaghia@pt.lu
Lu,Ma,Me,Ve 8h30-12h00 et 14h00-17h00
Sa 9h00-12h00

Partitions-Accessoires-Instruments-Réparations-Conseils

**N'hésitez pas à nous contacter!**

Boulangerie-Pâtisserie

**J. Bartholmé**

42, rue F. Clement • L-5612 Mondorf
Tél. 23 66 84 99

PIZZERIA - RESTAURANT
"Scaramouche"
7, route de Remich - L-5423 Ersange
Luxembourg
Tél. 35 66 75







**Nouvelle Auto-Ecole Fernand Weber**

Cours théoriques
lundi et jeudi de 19h00 à 21h00

Inscriptions pendant les cours

**39, Résidence Maachergaass**
**REMICH**
**Tél. 23 66 42 23**
**GSM 621 135 409**

# CAECILIE-FEIER 2010

D'Gemengen Bous, Duelem an Waldbriedemes bidden elo schons säit Joëren, an Zesummenaarbecht mat der Musekschoul vun der UGDA, gemeinsam Couren un am Solfège. D'Koordinatioun leit an den Hänn vun den jeweilegen Musekgesellschaften.
Dës Couren gin fläisseg vun de Kanner aus deenen dräi Gemengen besicht an eis Choralen an Museken profitéieren vun dësem gutt enkadréiertem Nowues.

Dëst Joër huet ët elo endlech geklappt an déi zwou Museken, déi an dësen dräi Gemengen vertrueden sin, d'Fanfare Gemeng Duelem an d'Trëntenger Musek, sin sech eens gin op en Datum fir zesummen d'Audition des élèves ze organiséieren an dëst ënnert dem Patronnage vun hiren Gemengen an natiirlech och der Ecole de Musique de l'UGDA.

D'Audition des élèves huet sech schlussendlech, am Viirfeld vun der Organisatioun, zu enger grousser Manifestatioun developpéiert, déi dunn op Caeciliendag den 21. November zum Droen koum.

An d'Erwaardungen sin méi wéi erfëllt gin. Am Centre Culturel woaren d'Plaazen all besaat an de Public woar voll begeeschtert vun der Opféierung vun eise Schüler.

**Programmoflaaf vun der Caecilie-Feier:**

> Optrëtt vun deenen zwou Museken
> Optrëtt vun den Solfègeschüler enkadréiert vun de Musikanten vun deenen zwou Museken
> Optrëtt vun den Instrumentalschüler am Grupp oder eenzel an deenen verschidden Regëschteren
> Diplomiwwerreechung vun der UGDA-Musekschoul un d'Schüler vum Schouljoër 2009/2010
> UGDA-Medaillen un verdengschtvoll Memberen vun deenen zwou Museken
> Ofschloss mat engem Patt, offeréiert vun der Gemeng Duelem.

D'Gemengen Bous, Duelem an Waldbriedemes woaren jeweils duerch hire Buurgemeeschter vertrueden, déi zesummen mam Präsident vun der UGDA-Musekschoul d'Diplomen un d'Schüler iwwerreecht hun.

D'Schüler vun der Musekschoul Duelem woaren:

**Solfège**

*Année Préparatoire :* Joanna Balès (excellent), Catriona Barclay (excellent), Isaac Favinha De Sousa (très bien), Tom Heber (très bien), Oliver Koch (assez bien), Tamara Oliveira Ferreira (très bien), Théo Wenner (excellent)

*Première Année :* Antoine Bastin (très bien), Nicolas Ferregutti (très bien), Jona Karmeyer (très bien), Wendy Kremer (bien), Anna Maurer (très bien), Catarina Oliveira Ferreira (excellent), Ryan Puglia (insuffisant), Estelle Steichen (excellent), Aarni Tiihonen (satisfaisant), Hilla Tiihonen (très bien)

*Deuxième Année :* Laurie Balès (très bien), Jack Fiedler (très bien), Laura Molitor (très bien), Julie Steichen (excellent)



SIMPLY CLEVER

ŠKODA AUTO

Garage Tewes Serge S.àr.l.

23, rue Léon Laval | L-3372 Leudelange | Luxembourg
Tél.: +52 407 470 | Fax: +352 407 674
E-mail: tewes@pt.lu | www.garage-tewes.lu

钓鱼台

Hostellerie des Pêcheurs

Restaurant Chinois

Ouvert tous les jours
de 11. 30–15. 00 hrs et de 17. 30–23. 00 hrs

5570 REMICH
45 route de Stadtbredimus—Tel. /Fax. 23 69 80 67

Peinture
Lahyr Boris
s.à r.l.

- Travaux de peinture intérieurs et extérieurs
- Revêtements murs et sols
- Peinture biologique sur demande



2, Waldbriedemeserstrooss
L-5680 DALHEIM
Tél./Fax **37 11 14**
GSM 621 19 48 77

SOLARtec

Installations photovoltaïques industrielles

14, rue de Fischbach
L-7391 Blaschette
Tel: +352.33.00.23
Fax: +352.33.66.68
www.solartec.lu
info@solartec.lu

Dépositaire

Remich Boissons
sàrl

80 rue Fernand Mertens
L-3258 Bettembourg
Tél: 51 86 09 - Fax: 51 86 20
Email: rboisson@pt.lu

**Dépôt:**
15 rue de Rolling
L-5421 Erpeldange/Bous

OPTIQUE
FRIEDEN & QUINTUS

17, RUE PRINCIPALE
SANDWEILER - Tél.26 350 430
www.opti.lu




STRAUSSEFARM
Marcel Wildgen

9 am Eck
L-5741 FILSDORF
Gsm: 621 266970

VERKAF VUN EISE PRODUITEN: ALL FREIDEG
VUN 17 BIS 19 AUER BEI EIS DOHEEM!!!

*E proppere Patt*
*E gudde Maufel z'iessen*
*Eng flott Parti Kelen*
*Eng gemittlech Stëmmung an*
*E schéine Kader fann Dir am*

Café Restaurant
***"A Mackels"***
***Fëlschdrëf***

Liliane & Nic Dicken-Lenert
17, Dräikantongsstrooss - L-5740 Filsdorf
Telefon 23 66 70 94

# CAECILIE-FEIER 2010 (suite)

**Formation instrumentale**

*Clarinette :* Laurie Balès (Inf.1/1, très bien), Laurie Girres (Inf.1/2, très bien), Tammy Heber (Inf.1/1, excellent), Pia Karmeyer (Inf.1/2, assez bien), Judith Meiers (Inf.3/1, assez bien), Sébastien Meyers (Inf.1/2, bien), Laura Molitor (Inf.1/1, très bien), Catarina Oliveira Ferreira (Initiation, très bien)

*Saxophone Alto :* Wendy Kremer (Initiation, bien), Julie Steichen (Inf.1/1, excellent)

*Trompette :* Noémie Hiltgen (Inf.1/2, assez bien)

*Percussion:* Antoine Bastin (Initiation, excellent), Manon Feltgen (Inf.2/2, très bien), Jack Fiedler (Inf.1/1, très bien), Maurice Girres (Inf.1/2, excellent), Nicolas Lim Pereira (Inf.2/1, bien), Ben Mathes (Inf.1/2, très bien), Sébastien Peltre (Inf.2/1, bien).

Och sin Memberen aus deenen zwou Museken fir hir laangjähreg Aktivitéit mat UGDA-Medaillen dekoréiert gin. Fir d'Fanfare Gemeng Duelem woaren daat:
*Insigne (5 Joër):*
Mireille Entringer-Kotto, Sébastien Meyers, Sébastien Peltre, Hilla Tiihonen
*Médaille de mérite en bronze (10 Joër) :*
Marielle Kaufmann, Ben Seil
*Médaille de mérite en argent (20 Joër) :*
Liz Vandivinit

Den Här Louis Karmeyer, Präsident vun der UGDA wéi och vun der UGDA-Musekschoul, huet de jonke Leit felicitéiert fir hire Fläiss an se encouragéiert fir esou weiderzemachen. Och Luef gong un d'Adress vun de Musikanten, déi schons esou laang aktiiv an hire Veräiner sin.
D'Häre Buurgemeeschter vun de Gemengen Bous an Waldbriedemes hun sech de Wierder ugeschloss an zum Ofschloss huet d'Madame Marie-Ange Mousel-Schmit, Buurgemeeschter vun der Gemeng Duelem, d'ganz Gesellschaft op den Eirewäin an d'Gemengenhaus invitéiert.

E Merci bleiwt nach ze riichten un all d'Chargeeën, déi sech mat vill Engagement asetzen fir de Kanner Musek méi no ze brengen. Ët sin daat zu Duelem d'Madame Monique Sturm (Solfège), d'Madame Mariette Clemens (Blech), d'Joffer Jessica Quintus (Saxophone) an d'Hären Carl Van Speybroeck (Clarinette), Stefano Sabbatini (Flûte traversière) an Sven Kiefer (Percussion).

Ët woar e flotten an gelongenen Nomëtteg. D'Fortsetzung as virgesin 2011 zu Waldbriedemes.

*Robert Vandivinit*



Zwee Musikanten aus de Reihen vun der Fanfare Gemeng Duelem hun am November um Concours Jeunes Solistes deel geholl an konnten sech excellent plazéieren. Ët woar daat:

den **Ben Seil**, Trompett. An der 1. Divisioun kruut de Ben mat 53 Punkten en très bien an duerfir eng Sëlwermedaille

den **Leroy Vandivinit**, Bugle, huet schons fir déi drëtte Kéier deel geholl um Concours. Dëst Joër an der Division Honneur, wou de Leroy mat wonnerbaren 56,33 Punkten en Excellent kruut an duerfir mat enger Médaille d'Or belount gouf an och nach den Prix SACEM 2010 iwwerreecht kruut.

Hinnen zwee déi beschte Gratulatiounen vun de Kolleegen aus der Musek an macht weider an deem Sënn.







bauer
SUCC. OLIVEIRA & JUSTO

Installations électriques
Cuisines équipées
Electroménager
Service après-vente

13, rte de Luxembourg - Remich
☎ 26 70 80 - ebauer@pt.lu - electricitebauer.lu

MODEHAUS FISCHER KG

Wieserstraße 2
D-66706 Perl-Nennig
Telefon (06866) 330
Telefax (06866)1298

Damen-Mode

Herren-Mode

Uniformen und Dienstbekleidung

mail@mode-von-fischer.de
www.mode-von-fischer.de


# Gidd aktive Mêmber

an der

## Fanfare Gemeng Duelem

www.duelemermusek.lu • Tél. 621 79 79 91

# AN EEGENER SAACH : D'BUCH « VU RICCIACUS, VIA DALAHEM OP DUELEM »

2000 Joër Geschicht Duelem an engem Buch. Op 488 Säiten a mat 398 Fotoen erliewt Dir déi bewegend Geschicht vun Duelem - vun der Réimerzäit iwwert d'Mëttelater bis haut.

(erausgin 2001 vun der Fanfare Gemeng Duelem bei Geleeënheet vun der 100-Joër-Feier vun der Musek).

Ideal als Cadeau fir ënner de Krëschtbeemchen.

Bestellt Aert Buch iwwert Tél. 621797991 oder Tél. 23660471, an mir brengen Iech Aert Exemplar moar doheem laangscht.

Präis: 40 EURO



## Der Adler

Der interessanteste Fund der archäologischen Gesellschaft während der Bauarbeiten an der Dreikantonstraße waren wohl die Fundamente des viereckigen turmartigen Baus am „Felsgart". Das Bauwerk lag am Scheitelpunkt der Römerstraßen und genau in der Achse des schnurgeraden Teilstückes Thionville – Dalheim. Ob es ein Repräsentationsbauwerk oder eher die Reste einer Befestigung war, kann erst durch Nachgrabungen in diesem Bereich entschieden werden. Dieser turmartige Bau wurde dann zerstört, um die großen Quader für die Errichtung eines ruhmpreisenden Denkmals zu benutzen: die historische Gesellschaft beschloß dadurch, auf Anregung von Prof. Jean Engling, an die römische Siedlung und an die Grabung zu erinnern.

Die Position eines Adlers, auf der Weltkugel stehend, ist nicht rein zufällig, denn es fällt dem genauen Betrachter auf, daß der Körper des Adlers in Richtung Metz und der Kopf in Richtung Trier zeigt d.h. der Adler stellt sozusagen die Verbindung zwischen diesen zwei Städten dar und symbolisiert somit die Römerstraße zwischen dem Mittelmeerraum und dem Rhein.

Zwei Meilensteinen zu Folge, von denen der erste im Jahre 1934 im „Buchholzerwald" gefunden wurde und aus römischer Zeit datierte, gilt Ricciacus als Mittelpunkt: die Entfernung von Trier wurde mit 25 römischen Meilen = 37,5 km angegeben. Der zweite Meilenstein wurde zwischen dem Dalheimer Adler und Filsdorf, etwa 300 Meter vom Adler entfernt, gefunden.

Das Adlerdenkmal, Wahrzeichen der Ortschaft Dalheim, sollte seine eigene Geschichte haben:

Im Jahre **1855** wurde, in Präsenz des Königs der Niederlande und Großherzogs von Luxemburg Wilhelm III sowie dessen Bruder, Statthalter Prinz Heinrich, der Grundstein des Römerdenkmals gelegt.

Im Jahre **1886** wurde der große steinerne Adler, der im Trierer Bildhaueratelier Gunsheimer skulptiert worden war, mittels Regierungsfonds vergoldet.

**1928** wurde das Monument erstmals restauriert und der Adler wurde frisch vergoldet.

Nachdem er über ein Jahrhundert über die Dalheimer Flur weit ins Land geschaut hatte, wurde er am 11. Mai **1940** von den deutschen Truppen gleich zu Beginn ihres Überfalls auf Luxemburg gesprengt, genau wie der Dalheimer Kirchturm; dies anscheinend aus strategischen Gründen: wurde doch deutscherseits behauptet, daß beide weithin sichtbare Zielpunkte dargestellt hätten.

Im Jahre **1956** begann der Wiederaufbau des schwerbeschädigten Denkmals. Anhand der Überreste des zerstörten Adlers konnten der Steinhauer Demuth und der Bildhauer Nosbusch die alte Figur wieder reparieren, anhand derer ein neuer steinerner Adler aus einem riesigen Steinblock herausgehauen wurde. Auf eine Vergoldung der neuen Figur wurde allerdings verzichtet. Zunächst wurde eine 14 Meter hohe Säule errichtet, auf der die Skulptur im darauffolgenden Jahr wieder ihren vorgesehenen Platz einnahm.

51

Dir kënnt eis och eng email machen :
**rvandi@pt.lu**
oder
**gbarboni@pt.lu**

# DE BUET 26



E grousse **MERCI** un d'Annonceuren an dëser Zeidong. Ouni hir finanziell Ënnerstëtzung wär ët nët méiglech dëse Périodique erauszebréngen. Liest a mierkt lech d'Annonceuren an dëser Zeidong a maacht och sie zou Ärem Partner.

D'Memberen vun der Musek wënschen e schéine Kréschtdag an e gudde Rutsch an d'Neit Joër.

Oplo: **1100**

Fanfare de la Commune de Dalheim a.s.b.l. • 1901 gegrënnt
Adress: 15, Munneréferstrooss •L-5741 Filsdorf
Cover a Layout: Sabine Barboni
Redaktioun: Robert Vandivinit, Boris Vandivinit, Bruno Barboni